



3. 5872 - Projet de loi relative à la profession de l'audit et:

- portant transposition de la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés et modifiant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil, et abrogeant la directive 84/253/CEE du Conseil,

- portant organisation de la profession de l'audit,

- modifiant certaines autres dispositions légales, et

- portant abrogation de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseur d'entreprises

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, deenen Allermeeschten heibannen dierft de Finanzskandal vun der Firma ENRON aus dem Joer 2001 wuel iergendwéi nach an Erënnerung sinn. Eng vun deene gréissten op der Bourse cotéierten amerikanesche Firmen hat sech mat riskanten Operationen um Marché vum Elektresche verspekuléiert.

D'Perté goufen do mat Bilansmanipulationen eng Zäit laang nawell geschéckt verdeckt, d'Faillite vun ENRON sollt awer trotzdeem net ausbleiwen. Si hat deemools gläich déi vun der Auditgesellschaft Arthur Andersen, déi d'Konten eigentlech sollt kontrolléieren, mat sech gezunn.

Mä och an Europa si mir net vun därer Finanzskandal verschount bliwwen. D'Affär Parmalat, iwwregens net ganz unbekannt hei zu Lëtzebuerg, hat 2003 iwwer 135.000 italienesch Klengspuerer an anerer ëm hiert Verméige bruecht. Och an där Affär gouf d'Qualitéit vun dem Audit, der Kontrepréiwung, vun der Gesellschaft a Fro gestallt.

De Gesetzesprojet 5872 fënnt seng Ophänk dann och am Kontext vun deene Finanzskandalen: eng feelend Kontroll vun de Kontrollere vun deene Gesellschaften.

No der Faillite vun ENRON an där domat verbonnener Responsabilitéit vun der Auditgesellschaft hunn zwee amerikanesch Senateuren dat no hinne benannte Sarbanes-Oxley-Gesetz abruucht. Dëst Gesetz gesäit zënterhier e strikte legale Kader fir amerikanesch Auditgesellschaften vir. D'Zil vun dem amerikanesche Gesetz war et, méi streng Regeln um Niveau vun der Kontekontroll anzeféieren. Dës nei Bestëmmunge sollt méi Transparenz a Vertrauen an d'Finanzinformatioun schafen an esou fir e bessere Schutz fir d'Investisseure suergen.

Am Kontext vun der Globaliséierung hat dat natierlech seng Auswirkungen op Europa. Vill amerikanesch Konzernner hu Filialen an Europa, an dat Ëmgedréint ass och de Fall. D'Europäesch Unioun huet deemno nogezunn. Am Joer 2006 gouf déi sougenannten aachten Direktiv iwwert déi legal Kontekontroll adoptéiert. Dat europäesch Regelwierk ass staark vun der amerikanescher Législatioun inspiréiert.

De Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut befannen, setzt dës Direktiv an nationaalt Recht ëm. De Projet reforméiert dobäi och nach d'Gesetz iwwert d'Reviseurs d'entreprises, also d'Auditeuren, aus dem Joer 1984. An déi Reform huet et nawell a sech.

D'Zil vun dem Gesetzesprojet ass et, geméiss der Direktiv international Standarde vun der Finanzkontroll och zu Lëtzebuerg anzeféieren. An dat spigelt sech op dräi grouss Pläng erëm: um Niveau vun der Persoun selwer, déi d'Finanzkontroll mécht; der Aart a Weis, wéi kontrolléiert

sollt ginn; an der Kontroll vum Kontroller duerch en öffentlech Opsiichtsorgan. Bei all deem geet et drëms, dem Bierger, méi speziell dem Investisseur, säi Vertrauen an d'Finanzgebare vu groussen Entreprises ze stäerken.

Dës Gesellschaften hunn opgrond vun hirem Boursswäert ee groussen Afloss op d'Ekonomie. An deem Sënn gesäit de Gesetzesprojet eng Rei vu Moosssname vir:

Éischters, um Niveau vun deemjénigen, deen de Contrôle mécht, ënnerscheede mir an Zukunft tëschent Réviseur d'entreprises a Réviseur d'entreprises agréé. Alle béid si vun der Ausbildung hier Réviseur d'entreprises. Si hunn déiselwecht Basisformatioun a kréien hiren Titel als Réviseur d'entreprises an Zukunft vun der CSSF. Alle béid mussen si hire Berufssätz hei zu Lëtzebuerg hunn a beim IRE, dem Institut des Réviseurs d'Entreprises, ageschriwwen sinn.

Alle béid sinn domat un déiselwecht deontologesch Regele vun dem Berufsstand gebonnen. Dat begräift méi speziell d'Weiterbildung, d'Berufssgeheimnis, déi professionell Onofhängegkeet an déi sougenannten Honorabilité professionnelle vun dem eenzelne Réviseur.

Nun, wou läit dann elo den Ënnerschied tëschent engem Réviseur d'entreprises an engem Réviseur d'entreprises agréé? Mä an der Natur vun hirer Aarbecht. Eng Rei vun Aktivitéiten, wéi déi legal Kontekontroll, e Bericht iwwer en Apport en nature an eng Gesellschaft ausstellen, Rapporten am Kader vu Fusiounen, enger Scission, also dem Opsplécke vun enger Gesellschaft, grad wéi Rapporté bei Liquidatione kënnen an Zukunft nëmme vun engem Réviseur d'entreprises agréé gemaach ginn.

Hie muss duerfir - an dat ass nei - en Agrément, dat heescht eng speziell Zouloossung vun der CSSF hunn. Aner Aktivitéiten, wéi Domiciliationen, de sougenannte Contrôle contractuel des comptes, d'Steierberodung oder d'Kontabilitéit, grad wéi d'Wirtschafts- an d'Finanzberodung vu Betriber, Geschäfts- oder Privatleit kënnen dergéint souwuel vun engem Réviseur wéi och vun engem Réviseur agréé gemaach ginn.

Zweetens, mat deem Gesetzesprojet gëtt elo hei am Land d'CSSF, also eis Commission de surveillance du secteur financier, mat der Iwwerwaachung vun der Kontekontroll vu Privatgesellschaften beoptragt. D'CSSF gëtt eng Aart Kontroller vun dem Kontroller. Dëst ass ouni Zweifel déi gréissten Neierung an dem Gesetzesprojet. Mir kréien elo eng öffentlech Instanz, déi d'Opsiicht vun dem privaten Audit iwwerhëlt.

Dat mag deen een oder aneren erstaunen. Et ass awer grad dat, wat d'Direktiv am Sënn vu méi finanzieller Transparenz verlaangt. D'CSSF gëtt an Zukunft verantwortlech fir den Agrément, also d'Zouloossung vun dem eenzelnen Auditeur oder Réviseur d'entreprises. D'CSSF kontrolléiert derniewent och zum Deel dem Auditeur seng Aarbecht. Ënnert d'Kontroll vun der CSSF falen all d'Aktivitéiten, déi an dem Kompetenzberäich vun engem Réviseur d'entreprises agréé leien.

D'Aarbecht vun der CSSF begräift deemno net nëmmen, all Réviseur oder Cabinet de révision de Berufstitel ze ginn an domat seng Zouloossung ze préiwen, mä och den Agrément als Auditeur agréé ausstellen. D'CSSF leet an Zukunft Standarde fest, no deenen déi legal Kontekontroll zu Lëtzebuerg muss gemaach ginn. Si leet och d'Kritäre fest, no deenen d'Ausstelle vu Rapporten am Kader vu Fusiounen, Scissionen oder Liquidatione vu Gesellschaften duerch e Réviseur agréé muss gemaach ginn.

D'CSSF gëtt och nach verantwortlech, fir bei all Réviseur agréé ee sougenannte Contrôle d'assurance qualité ze maachen. Dat heescht, ze préiwen, ob den Auditeur oder de Cabinet allgemeng seng Aarbecht korrekt mécht. D'CSSF ass zu gudder Lescht och nach an dem ganze Beräich vun der Auditskontroll d'Verbindungsautoritéit mat auslännesche Kontrollinstanzen.

Här President, dat ass net weëneg Aarbecht. De Choix, fir d'CSSF als Iwwerwachungsautoritéit anzusetzen, grad wéi dee groussen Aktivitéitsberäich, deen d'CSSF kritt, waren net onëmstridden. De

Gesetzesprojet geet nämlech op deem Punkt méi wäit, wéi dat vun der Direktiv eigentlech verlaangt ass.

D'Direktiv schreift den öffentlechen Iwwerwachungsysteem just fir de sougenannte Contrôle légal des comptes vir. Mat deem Gesetzesprojet ginn elo sämtlech Aktivitéiten, déi en Auditeur oder ee Cabinet de révision vun der CSSF agréiert ass, iwwerwaacht. Dat ass de Choix vun der Regierung gewiescht. E läit am Sënn vun der Transparenz vun der Finanzkontroll. Nach muss een iwwert déi néideg Mëttele verfügen, fir dës Aufgab och kënnen praktesch duerchzuféieren.

Här President, d'Fro huet sech gestallt, ob nieft der CSSF keng aner Instanzen hätte kënnen mat der Kontrollopsiicht betraut ginn. D'Chambre de Commerce huet dëst an hirem Avis och ugeschwat. Esou gouf hei en Ausbau vun dem Service an dem Justizministère ugeduecht, dee bis ewell d'Examen vun de Réviseur-d'entreprises organisiert.

Als Optioun gouf och nach d'Schafe vun enger neier Kontrollinstanz oder Verwaltung opgeléscht. De Statsrot geet a sengem Avis och op d'Roll vun der CSSF als Kontrollopsiicht an. De Statsrot begréisst prinzipiell dobäi de Choix fir d'CSSF. De Statsrot stellt awer d'Fro, ob een net besser gehat hätt, d'Direktiv eent zu eent ëmzesetzen an d'Mission vun der CSSF op déi vun enger externer Iwwerwachungsautoritéit vun den Auditeuren am Beräich vun dem sougenannte Contrôle légal des comptes ze beschränken. Alles, wat mat der Organisation vun dem Berufsstand ze dinn hätt, sollt dem Statsrot no bei dem IRE, dem Institut des Réviseurs d'Entreprises, bleiwen.

An der Justizkommission ass de Choix fir d'CSSF och net ondiskutéiert bliwwen. Et gouf d'Fro opgeworf, ob d'CSSF iwwerhaupt déi néideg Moyenen hätt, fir hirer neier Mission gerecht ze ginn. Et ass och ëm e méiglechen Interesseskonflikt diskutéiert ginn. D'CSSF gëtt elo engersäits d'Kontrollinstanz vun den Auditeuren, d'CSSF iwwerwaacht anerersäits och selwer d'Entreprises aus dem Finanzsektor, déi vun den Auditeuren kontrolléiert ginn.

Et war duerfir an der Kommission kloer, dass bannent der CSSF hir Kontrollaktivitéit vum Finanzsektor sech net mat deene vun dem Auditsberäich däerfen iwwerschneiden. Déi zwou Missionen mussen kloer auserneegehele ginn. Dës Trennung muss och fir Drëttpersonen kënnen novollzéibar sinn.

Här President, de Choix, fir d'CSSF als Kontrollinstanz ze huelen, huet awer och eng Rei Virdeeler. Dës Choix entsprécht fir d'éischt der Virgab vun der Direktiv vun enger öffentlech onofhängeger Iwwerwachungsautoritéit. D'CSSF ass eng Instanz, déi schonn zënter Jore besteet a gutt funktionéiert. D'CSSF ass direkt operationell, si huet en exzellenten internationale Ruff an ass gewinn, mat auslänneschen Autoritéiten zesammenzeschaffen.

Här President, nieft der Schafung vun enger onofhängeger Kontrollopsiicht, dem Ënnerscheede vu Réviseur d'entreprises a Réviseur d'entreprises agréé beinhalt de Gesetzesprojet een drëtten Volet. Et sinn dat eng Rei vun Ufuerderungen, no deenen déi eigentlech Préiwung vun de Konte sollt stattfannen.

Dës Spillregele vun der Finanzkontroll treffen engersäits den Auditeur selwer. E groussen Akzent gëtt hei op seng eegen Onofhängegkeet geluecht. Dëst muss fir d'éischt emol vis-à-vis vun der Entreprise selwer spillen, wou d'Konten gepréift ginn. Den Auditeur däerf keng Gesellschaft kontrolléieren, wou en op iergendeng Aart a Weis an den Entscheedungsprozess mat agebonne wär. Hien däerf keen Aarbechtskontrakt hu mat deem, deen e kontrolléiere soll. D'Onofhängegkeet vun dem Auditeur muss doriwwer eraus och géigeniwwer dem eegene Cabinet garantéiert sinn. D'Aktionäre vun dem Cabinet däerfe sech net an d'Kontrollmission vun dem eenzelnen Auditeur amëschen.

Den Auditeur, ob en agréiert ass oder net, ënnerläit dem Secret professionnel. D'Schweigeflicht däerf awer net der CSSF oder dem IRE entgéintgesat ginn. Den Auditeur ënnerläit och de Verflüchtungen

vum Gesetz vun 1989 iwwert de Blanchiment an de Financement vun dem Terrorismus a muss hei mat den Autoritéiten zesammenzeschaffen.

Den Auditeur ënnerläit an Zukunft och selwer engem sougenannte Contrôle d'assurance qualité. D'Reviseurs agréés oder hir Cabineten, déi also gesetzlech Kontekontrollen maachen oder Rapporten iwwert d'Fusiounen, d'Scissionen oder d'Liquidatione vu Gesellschaften, gi selwer regelméisseg vun der CSSF iwwerpréift. Dës Kontrolle fënnt op d'mannst eemol all sechs Joer statt. Op ausgewielten Dossiere gëtt hei gekuckt, ob d'Auditsnormen an déi deontologesch Regele vun dem Réviseur richteg applizéiert goufen. D'CSSF mécht heiriwwer e Bericht mat gegebenenfalls Recommendationen, déi da vun dem betraffenen Auditeur mussen befollegt ginn.

Bei Entreprisë wéi Banken, Assurancen, Boursen, cotéiert Gesellschaften, déi e groussen Afloss op d'Wirtschaft hunn an deemno an dem Gesetzesprojet grad wéi an der Direktiv als Entités d'intérêt public bezechent ginn, sinn d'Ufuerderungen un d'Auditgesellschaften nach méi grouss. Den Auditeur, dee fir dës Gesellschaften d'Konten préift, muss elo iwwer sech selwer oder de Cabinet e sougenannten Transparenzrapport maachen an domat der Öffentlechkeet eng ganz Rei Informatione liwweren, zum Beispill iwwert d'Struktur vun dem Cabinet, de Chiffre d'affaires, déi grouss Clienten, d'Gehalt vun den Assoziéierten.

Mä och déi grouss Firmaen, déi opgrond vun hiren Aktivitéiten, der Unzuel vu Beschäftegten, hirem Boursswäert en Afloss op déi allgemeng Wirtschaft hunn, mussen selwer fir méi Transparenz um Niveau vun der Finanzinformatioun suergen. De Gesetzesprojet féiert hei de Prinzip vun engem Auditscomité an. Dësen Auditscomité soll bannent der Gesellschaft d'Funktionsvun enger interner Finanzopsiicht iwwerhuelen. Dem Gesetzesprojet no sinn d'Auditscomitéen hei am Land rechtlech néideg, wann d'Banken, d'Assurancen oder d'Entreprises op der Bourse cotéiert sinn. Dat zielt awer net fir PMEen, Fongen oder Titrisationgesellschaften.

Här President, ech hu versicht, a mengem mëndleche Bericht op déi Haaptpunkte vun dem Gesetzesprojet anzugeen, déi méi oder manner grouss institutionell oder wirtschaftspolitesch Auswirkungen hunn. De Gesetzesprojet huet insgesamt 107 Artikelen, déi sinn an hirer Formulatioun net ëmmer einfach ze verstoen. Nieft deene Punkten, déi ech ugeschwat hunn, geet et och nach am Projet de loi iwwert d'Kompetenzopdeelung respektiv d'Kooperation an den Informationsaustausch tëschent der CSSF an den Opsiichtsautoritéiten vun anere Länner bei grenzüwwerschneidende Kontrollmoosnamen.

Et gëtt och eng Hällewull Artikelen iwwert d'Zusammensetzung, d'Organisation an d'Funktionsweis, d'disziplinaresch Befugnisse vun dem IRE, dem Institut des Réviseurs d'Entreprises. Ech wëll awer hei net speziell dorop agoen, well all dës Bestëmmungen, oder zum groussen Deel, schonn am Gesetz vun 1984 iwwert d'Reviseurs d'entreprises drastoungen.

Här President, de Gesetzesprojet gouf an enker Zesummenaarbecht tëschent der Regierung an dem IRE ausgeschafft. Nach hu sech an der Chamberskommission eng Rei vun néidege Präzisionen opgedrängt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- D'Commission juridique huet de schrëftleche Rapport eestëmmeg ugeholl. Glas-kloer ass awer duerfir elo nach net alles. Dëst betrëfft zum Deel d'Ausféierungsbestëmmungen vun dem Gesetz. D'Chamber huet, institutionell gesinn, doriwwer net direkt ze befannen. Et ass dat d'Aufgab vun der Regierung. D'Commission juridique huet awer de Prinzip zrëckbehalen, fir an enger Motioun zwou Saache festzehalen.

Éischters, dass d'CSSF sech fir de sougenannte Contrôle d'assurance qualité, dee bei den eenzelne Réviseurs agréés respektiv dem Cabinet gemaach gëtt, vum dem IRE assistéiere léisst fir alles, wat mat Kontrollaktivitéiten ze dinn huet, déi net sou-



genannt Entités d'intérêt public betreffen. D'Gesetz léisst dës Méiglechkeet vun engem deelweisen „peer review“ ënnert der Mataarbecht vun der IRE ausdrécklech zou. Et ass och esou, dass d'Auditeuren an Zukunft hei am Land vun der CSSF op engem méi breet gefächerten Aktivitéitsberäich kontrolléiert ginn, wéi wann d'Direktiv eent zu eent ëmgesat gi wär.

Zweetens gëtt an der Motioun festgehalten, dass d'Käschte fir de Finanzement vun der öffentlecher Iwwerwaachung vun dem Audit duerch d'CSSF fair tëschent de sougenannte groussen a kleng Reviseurscabineten opgedeelt ginn. D'Gesetz gesäit hei vir, dass d'Fraisé vun dëser Finanzopsiicht duerch d'CSSF am Endeffekt vun den Auditeure gedroe ginn, déi dofir eng Tax musse bezuelen.

Schätzunge weisen, dass dofir an der Éischt e Budget vun 1,8 Milliounen pro Joer muss opbruecht ginn. D'Kritäre vun der Opschlüsselung, no där den eenzelnen Auditor oder de Cabinet muss bäidroen, ginn duerch e Règlement grand-ducal festgluecht.

D'Chamberskommission freet an enger Motioun, dass virum dem 30. September 2010, also no ronn néng Méint Erfahrungswärter, soll eng Evaluatioun vun dem Taxerèglement gemaach ginn, fir eventuell Korrekture virum dem Enn vun dem Joer 2010 kënnen virzehuelen.

Dat gesot, iwwerrechen ech lech elo dës Motioun, Här President, déi vun alle Fraktiounen ënnerschiwwen ginn ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant:

- (1) que le projet de loi 5872 vise à renforcer la confiance du public dans le contrôle des sociétés en mettant en place un système de supervision publique spécifique de la profession de l'audit;

- que désormais, tous les réviseurs d'entreprises agréés et cabinets de révision agréés sont soumis à la supervision de la Commission de surveillance du secteur financier (CSSF);

- que le système de supervision publique mis en place par le projet de loi 5872 va plus loin que la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 concernant les contrôles légaux des comptes annuels et des comptes consolidés et modifiant les directives 76/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil, et abrogeant la directive 84/253/CEE du Conseil, qu'il entend entre autres transposer;

- qu'en effet, seules les personnes exerçant le contrôle légal des comptes sont soumises à la supervision publique en vertu de la directive précitée de 2006, alors que le projet de loi 5872 étend le contrôle à toutes les missions confiées à titre exclusif aux réviseurs d'entreprises agréés à cet effet;

- que cette nouvelle mission de contrôle assignée à la CSSF constitue dans son chef une tâche des plus substantielles;

- que dans ce contexte la CSSF devrait mettre un accent particulier sur tout ce qui concerne la supervision des réviseurs d'entreprises agréés ou cabinets de révisions agréés effectuant des missions relevant des domaines visés par l'article 1^{er} point (29), lettres a) et b) touchant des entités d'intérêt public sans pour autant négliger les autres missions lui confiées;

- (2) que, par ailleurs, la CSSF est autorisée à prélever la contrepartie de ses frais de personnel, de ses frais financiers et de ses frais de fonctionnement résultant de sa mission de supervision publique de la profession de l'audit par des taxes à percevoir auprès des personnes soumises à cette supervision;

- qu'il est prévu que la question de la fixation de ces taxes est réglée par le biais d'un règlement grand-ducal;

- que cette taxe peut, le cas échéant, constituer une charge importante pour certains réviseurs d'entreprises, compte tenu notamment de leur chiffre d'affaires;

invite le Gouvernement

- (1) à recommander à la CSSF, dans les limites légalement admissibles, de recourir à l'assistance de l'Institut des réviseurs d'entreprises, en particulier pour les missions d'exa-

men d'assurance qualité visant des réviseurs d'entreprises agréés ou cabinets de révisions agréés effectuant des missions relevant des domaines visés par l'article 1^{er} point (29), lettres a) et b) touchant des entités n'étant pas des entités d'intérêt public;

- (2) à procéder pour le 30 septembre 2010 à une évaluation du volet des taxes professionnelles à percevoir par la CSSF dans le contexte de sa mission de supervision publique de la profession de l'audit;

- à soumettre le résultat de cette évaluation à la Commission juridique de la Chambre des Députés.

(s.) Gilles Roth, Xavier Bettel, Félix Braz, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Klein.

Ech ginn och heimat d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Gilles Roth Merci. Als éischte Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech soen lech Merci. Ech wëll och direkt dem Här Roth Merci soe fir säi schrëftleche Rapport, an och dem Här Roth an der Madame Doerner hir Ouverture d'esprit hei ervirhiewen, fir...

► **Plusieurs voix.**- Oh!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...déi Kritiken, déi Commentairen, déi Suggestiounen, déi vun der Oppositioun komm sinn, net direkt mat enger Hand esou ewechgeworf ze hunn, wéi dat heiansdo de Fall ass, mä au contraire konstruktiv gekuckt ze hunn, sou dass et souguer opgrond vun enger Proposition vun der Oppositioun ass, dass déi Motioun zustane komm ass, wou mer eis och eens gi sinn, dass den Här Roth se soll zesummeffaassen. Et ass en Exemple à suivre fir aner Leit an dëser Majoritéit. Dowéinsten wëll ech dat extra ervirhiewen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ganz kuerz, et si verschidde Punkten, déi den Här Roth schonn erkläert huet iwwert d'Tax, wat d'Leit sollte bezuelen. D'Fro ass nämlech gewiescht - an et huet sech och eng Organisatioun bei eis manifestéiert, d'ACREL nämlech -, dass et delikat ass, fir ze soen, dass ee pro Affär eng Tax soll bezuelen. Et kann een net eng Affär hu vun 100 Euro, esou wéi een e klengen Auditeur kann hu wéi e groussen, deen eng Affär kann hunn, déi eng Millioun Euro facturéiert gëtt. Et muss ee wierklech do kucken, dass een e Prorata mécht tëschent vläicht dem Nombre vun Affären an och tëschent engem Chiffre d'affaires.

Et kann net sinn, dass esou en Text flott ass fir déi „big four“, mä dass all déi kleng Mëttelbetriber an all déi Indépendanten dorënner gelidden hätten a vläicht souguer verschwonne wären, wat selbstverständlech eng grouss Main-d'œuvre och hei am Land ass. Et soll een net nëmmen un déi, wéi gesot, „big four“ denken, mä och nach un all déi aner Kleng, a Gott sei Dank hunn déi sech och gemellt, dass mer kënnen dat och hei kucken.

An dann, last but not least, Här President, wëll ech just soen, dass mer hei nees en Text hunn, wou en Échange d'information do ass. Ech hoffen och, dass déi Instanzen, déi hei zu Lëtzebuerg mat bedeelegt sinn, wierklech oppassen, op dem strikte Minimum vun Échanges d'information ze sinn; et soll net en Automatismus sinn. Mir wësse vu baussen - an ech mengen, eise Finanzminister probéiert tant bien que mal, deen no baussen ze verteidegen.

Wéi gesot, hei ass nees en Text, wou op jidde Fall net direkt d'Justiz en Échange d'information mécht, mä eng aner Instanz, dat ass d'CSSF. Dat ass nei. An der Zäit wor et jo iwwert d'Justiz; dat sinn alles Justizaustausche gewiescht, déi iwwert de Parquet oder d'Commissions rogatoires komm sinn. Hei ass eng staatlech Instanz, déi d'CSSF ass, déi automatesch dann och kann d'Donnéeën erausginn. Et geet zimlech wäit. Et muss een awer oppassen. Wéi gesot hu mer do nees e klengen Doute, dass mer nees eng Kéier e klengen Deel vun eisem Secret bancaire hei verklappen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bettel Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jempy Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir seng Explikatiounen. Déi aktuell Finanz- a Wirtschaftskris huet eis däitlech gewisen, dass, wa kee Vertrauen zwëschent deene verschiddenen Acteure besteet, déi ganz Finanzwelt wéi e Kaartenhaus dréit zesummenzefalen. Wann d'öffentlech Hand net extrem agegraff hätt a verschidde Finanzinstitute Garantien a Milliardenhéicht ausgestallt hätt, dann hätte vill grouss Banken hir Dieren zougemaach.

Dat muss eis eng Léier sinn, et dierf net méi esou wäit kommen. Duerfir ass et och enorm wichteg, dass um internationale Plang Regeln opgestallt ginn, déi fir déi néideg Transparenz a Kontroll op de Finanzmarchéë suergen.

Vertraue schafen, effikass Kontrollen, Transparenzmoossnamen: Ëm dës staark Wieder, déi een an deene leschte Méint bal all Dag an den Zeitunge konnt liesen, geet et och an dësem Projet de loi, deen eng europäesch Direktiv aus dem Joer 2006 ëmsetzt, also virum dem Ufank vun der eigentlecher internationaler Finanzkris. Mä Finanzskandalen a Amerika an an Europa ufanks vum Jorzéngt waren awer och hei den Ausléiser vun dëser Direktiv. D'Amerikaner hunn am Auditsberäich méi streng Kontrollen opgestallt. D'EU war dunn opgefuerdert, ze reagéieren, fir dass déi europäesch Kontrollmoossnamen als äquivalent vun den amerikaneschen Autoritéiten unerkannt ginn.

D'Direktiv gesäit vir, d'europäesch Gesetzgebung am Auditsberäich weider ze harmoniséieren, wat zum Beispill den Agrément, den Enregistrement an d'Formation vun de Révisure betrëfft, a leet och deontologesch Mindestnorme fest. Et geet dorëm, dass de Bierger erëm Vertrauen an d'Kontrollorganer kritt. Ouni Kontroll vun de Kontrolleuren entsteet kee Vertrauen. Nëmmen duerch eng gläwiedeg, effikass an extern Kontroll vun deenen, déi d'Finanzinformatiounen validéieren, kann een Transparenz a Vertraue schafen. Et ass eng vun de Léieren, déi aus der Finanz- a Wirtschaftskris gezu musse ginn.

E Réviseur d'entreprises huet wichteg Missiounen, wat d'Finanz- a Wirtschaftswelt ubelaangt. Eng vun de Missiounen ass, d'Konten an d'Bilane vun den Entreprises ze kontrolléieren. Seng Aufgab ass et awer och, d'Öffentlechkeet an d'Investisseure virum allem iwwert d'Richtegkeet an d'Pertinenz vun de Finanzdate vun den Entreprises ze informéieren. Duerfir ass et wichteg, Strukturen ze schafen, déi d'Revisuren encadréieren an och kontrolléieren, fir esou gutt wéi méiglech Abusen ze évitéieren.

Intégritéit, Objektivitéit, Onofhängegkeet, dat sinn alles deontologesch Prinzipien, déi mussen am Auditsberäich garantéiert sinn. Dës Prinzipië ginn elo weider verstärkt. Souwuel den IRE, Institut des Réviseurs d'Entreprises, wéi och d'Commission de surveillance du secteur financier, d'CSSF, hu respektiv kréien duerch dëse Projet de loi wichteg Aufgaben zougésprecht.

D'CSSF organiséiert déi öffentlech Supervisioun vum Auditsberäich. Dat geet vun den Inspektiounen bis hin zu richtegen Enquête bei de Réviseurs d'entreprises agréés respektiv de Cabinets de révisions agréés. D'Reviseurs d'entreprises agréés, d'Cabinets de révisions agréés sinn zukünftig exklusiv zoustänneg, fir de Contrôle légal vun de Konten ze maachen. Eng staatlech Supervisioun vun esou enger wichtiger Missioun ass an eisen Aen och gerechtfertegt.

D'CSSF ass och fir d'Assurance qualité zoustänneg an analyséiert, ob d'Revisuren iwwert déi néideg Formation an berufflech Erfahrung verfügen. Ass dat net de Fall oder net méi de Fall, da kann d'CSSF den Titel oder den Agrément verweigere respektiv erëm zrëckhuelen.

Den Institut des Réviseurs d'Entreprises spilt och weiderhin eng wichteg Roll a vertritt d'Interesse vum Berufsstand. Den IRE bleift och weiderhin zoustänneg, fir

Norme festzeleeën an derfir ze suergen, dass déi och agehale ginn.

Ervirzesträichen ass awer och, dass d'Kontroll vun de sougenannten Entités d'intérêt public, also vun Entreprises, déi, wat hir Aktivitéiten, hir Gréisst oder hir Unzuel vu Mataarbechter betrëfft, besonnesch be- deitend sinn, verschäerften Obligatiounen ënnerläit. Dat heescht, dass d'Revisuren agréés an d'Cabinets de révisions agréés, déi esou Entitéite kontrolléieren, zum Beispill mussen e Rapport de transparence veröffentlechen, wou kloer ervirgeet, wéi eng Kapitalstrukture se hunn a wéi engem Réseau si ugehéieren.

Ech wollt awer och hei op e puer Bemierkunge vun der Chambre de Commerce agoen, wat d'Supervisioun vun de Réviseurs d'entreprises agréés an de Cabinets agréés betrëfft.

De Projet de loi gesäit jo vir, wéi gesot, déi extern Iwwerwaachung der CSSF ze accordeieren. Dat bréngt vill Virdeeler mat sech, déi d'Chambre de Commerce an hirem Avis och all opléscht. D'CSSF huet en international gudder Ruff a verfügt schonn iwwer en Know-how am Réviseursberäich. Des Weideren ass et sécherlech och vum Käschtepunkt hier sënnavoll, enger bestehender Institutioun dës Missioun unzevertrauen. Dat hu mer an der Commission juridique och esou gesinn. D'CSSF erfëllt d'Onofhängegkeets-, d'Transparenz- an d'Kontrollkonditiounen, déi d'europäesch Direktiv virschreift.

D'Chambre de Commerce freet sech awer an dësem Zesummenhang scho méi laang, ob déi bestehend Atellungsprozedure bei der CSSF de Gegebenheiten nach genügend Rechnung droen. An hirem Avis vum 19. Juni 2008 zum Projet de loi portant amélioration du cadre législatif de la place financière du Luxembourg freet d'Chambre de Commerce, fir eng effikass Supervisioun vum Secteur ze maachen, misst et méiglech sinn, fir och op ënner anerem auslännesch Experte fir d'CSSF zrëckzegraifen. Dat ass effektiv eng berechtigt Suerg.

Fir EU-Auslänner anzustellen, do berëfft sech d'CSSF op den Artikel 24 vum Fonctionnairesstatut, deen et erlaabt, Experten anzustellen «en dérogeant aux conditions normales d'admission, de nomination, de stage et de rémunération de la fonction publique».

Am Projet de loi 6031, dee mer haut stëmme wäerten, gëtt en Accès zur Fonction publique prinzipiell fir EU-Bierger opgemaach mat der Ausnahm vun den hoheitlechen Aufgaben. Déi solle weiderhin a Lëtzebuurger Hand bleiwen. E Règlement grand-ducal wäert dat Poste fir Poste festleeën.

Mam Hannergedanken, dass et oft schwéier ass, qualifizéiert Leit ze fannen, fir komplex finanztechnesch Aufgaben ze erledegen, muss een och bei der CSSF festleeën, wéi eng Aufgabe vun hoheitsrechtlecher Natur sinn a wou d'Nationalitéitsklausel spilt a wou net.

De Statsrot huet sech och domadder averstane gewisen, der CSSF déi extern Kontrollmissioun ze iwwerdroen. De Statsrot bemierkt awer a sengem Avis, dass d'Kontrollkompetenze vun der CSSF an dem IRE sech deelweis iwwerschneiden an dass et doduerch zu Konfusiounen ka kommen.

Et ass e wichtige Projet de loi, deen d'Vertrauen an d'Transparenz wäert am Finanz- a Wirtschaftsberäich stäerken. Duerfir gëtt eis Fraktioun hiren Accord dozou.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Jempy Klein Merci. Elo kritt nach d'Wuert den Här Jacques-Yves Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grousser Merci un de Rapporteur, den Här Gilles Roth, dee mat engem ganz schwieere Gesetz vun 107 Artikelen ganz vill Méi hat, fir déi ganz Problematik, déi opkomm ass, ze diskutéieren, fir déi ze erörtern a fir Léisungen ze fannen. En



huet do en exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport gemaach, fir deem ech him wëll vun onser Säit aus e ganz grouse Merci soen.

Dat Gesetz huet missen an Urgence diskutéiert ginn, well den Délai fir d'Transposition vum der Direktiv eriwwer wor. Mir hunn also missen an der Commission juridique eng etlech Problemer diskutéieren, a bei deenen Diskussiounen hu mer da gemierkt, datt sech och nach e puer Problemer gestallt hunn am Gesetz selwer. Mä, wa mer elo déi Amendementer, déi ech zum Beispill an der Kommissioun proposéiert hat, diskutéiert an nogeholl hätten, wann ee vläicht aner Amendementer virgesinn hätt, da wier manifestement den Délai fir d'Transposition vum der Direktiv wäit no hanne geruscht.

Duerfir, mengen ech, hu mer haut e gudde Moyen fonnt zesumme mat der Regierung, déi och offe war, fir op dee Wee ze goen, datt mer iwwert de Wee vun enger Motioun elo festhalen, datt verschidde Problemer nach eng Kéier diskutéiert ginn, während engen néng Méint sollen och analyséiert ginn, an datt deen Ablack gegebenenfalls soll eng nei Proposition kommen, entweder um legislative Wee oder iwwert de Règlement grand-ducal oder soss iwwert d'Modalitéiten, déi mer nach sollen diskutéiert kréien.

Mä dat Wichtigst ass, datt mer eng Hauptproblematik musse léisen. Dat ass déi Definition, déi Aarbecht, déi vun engem Réviseur d'entreprises agréé gemaach gëtt, datt mer do en Distinguo maachen. Den Distinguo besteet doranner, datt e Réviseur d'entreprises agréé kann op Basis vun der Gesetzgebung, dem Projet de loi, wéi mer en elo virleien hunn, bal alles maachen.

De Réviseur d'entreprises, wéi mer en elo kennen, a wéi en elo am Gesetz definiert ass, deen huet eng ganz limitéiert Aufgab. Sou datt also all déi Entreprises, déi an dem Revisionsberäich tätég sinn, déi sech ëm Kleng- a Mëttelbetriber këmmen, mä och déi Entreprises, déi sech ëm déi grouss Betriber këmmen, ëm déi Entités d'intérêt public, wéi dat elo technesch genannt gëtt, dat heescht ëm déi Entreprises, déi op de Bourssé cotéiert sinn, elo ënner eng eenzeg Definition falen. An dorausser ergëtt sech dann natierlech, theoretesch weinstens, d'Noutwendegkeet, datt jiddwereen, deen den Titel huet vu Réviseur d'entreprises agréé, muss allequerten déi Formationen, déi gefuerdert si vun der CSSF, vun der Autorité de contrôle, matmaachen.

Or, et ass evident, datt eng etlech Cabinet vu Révisseuren sech nuren ëm déi mëttelstänneg Betriber këmmen an datt se net wëllen hunn, fir sech ëm déi grouss Public entities ze këmmen, déi op de Bourssé cotéiert sinn. Et ass evident, datt deen Ablack och d'Formation vum deene Leit muss eng aner si wéi déi vun de Révisseuren a vun deene Cabineten, déi sech ëm déi grouss Betriber këmmen.

Duerfir ass et scho wichtig, datt een eng Differenzéierung mécht. Well wann ee géif higoen an allequerten deene méi kleng Cabinets de révision déiselwecht Obligation um Niveau Formation ginn, da wier et kloer, datt se dat net kënnen maachen an datt se misste mat deem ganze Betriber ophalen an deen eventuell souguer un déi aner gréisser, un déi „big four“, un déi grouss Révisseursgesellschaften ofginn.

Dat dierf et net sinn, an duerfir ass et och richtig, datt mer elo versiche fir e Modus Vivendi ze fannen, fir datt déi eng hire Missionne kënnen gerecht ginn, déi sech ëm déi Kleng- a Mëttelbetriber këmmen, an och datt ganz streng Normen opgestallt gi fir déi Leit, déi Entreprises, déi Cabinets de révision, déi sech ëm d'Entités d'intérêt public këmmen.

Dat schéngt mer op jiddwer Fall eppes ze sinn, wat fundamental ass, well et gesäit een, datt de Réviseur d'entreprises agréé zum Beispill den Apport an eng Gesellschaft muss kënnen evaluéieren. Mä den Apport bei enger Gesellschaft cotée en bourse, wéi zum Beispill ArcelorMittal, ass

mat enger anerer Problematik verbonnen. Oder eng Bank ass eng aner Problematik, wéi wann ee muss evaluéieren, wéi vill de Büro wäert ass, deen een an eng kleng S.à.r.l. vun engem Supermarché wëllt erabringen. Dat sinn zwou verschidde Missionen. Dat bedeit, datt een och net muss fir deen, dee just dee Büro muss evaluéieren, déiselwecht Formation hunn a verlaangen, wéi fir deen, dee muss en Apport vun enger neier Gesellschaft an e groussen internationale Grupp mat erabringen.

Duerfir ass dat heiten, mengen ech, eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir ze kucken, datt een eng Verbesserung, eng Differenzéierung mat erakritt. An duerfir sinn ech och frou, datt déi Motioun hei eestëmme vun alle Parteie ka matgedroe ginn, an datt d'Regierung, esou hu se et weinstens an der Commission juridique gesot, och bereet ass, fir déi Motioun do unzehuelen.

Ech mengen, datt et wichtig ass, datt mer hei esou eng Differenzéierung gemaach hunn. Wat d'CSSF ugeet als Kontrollorgan, esou mengen ech, datt dat eng gutt Lösung ass, well deen Ablack allequerten déi, déi wëlle Réviseur d'entreprises agréé ginn, bei der CSSF müssen eng Demande maachen. A wann een dann herno bei der Kontroll eng Differenzéierung mécht, datt déi méi kleng Betriber, déi sech also net ëm Public entities këmmen, solle méi vum IRE kontrolléiert ginn, dat schéngt mer eng Solution de bon sens ze sinn.

Duerfir kënnen mer och mat där Gesetzgebung, wéi se elo virgeschloen ass, a mat där Reserv natierlech vun der Motioun... wollt ech awer den Accord vun der ADR zu deem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes, an elo kritt nach ganz schnell d'Wuert den Här Braz, deen et gefrot huet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (déi gréng). - Merci, Här President. Ech wëll just am Numm vun där grénger Fraktioun d'Zoustëmmung zum Projet bréngen, awer och dem Här Roth Merci soe fir säi Rapport. En huet och hei, wéi mir fannen, méi wéi nëmmen d'Aarbecht vum Rapporteur gemaach. En huet och nach probéiert zu Konsenser bäize droen a Réuniounen ausserhalb vun der Kommissioun. Also Merci duerfir.

Mir wëlle just och nach ënnersträichen, dass bei deem Projet de loi an eisen Aen den Text, dee mer jo laang diskutéiert hunn - well mer wossten, dass och aner Optionne méiglech gewiescht wieren, mer awer par élimination eigentlech zu deem Text komm sinn -, mer awer och wëssen, dass ganz vill vun deem, wat och d'Revisseuren interesséiert, am Règlement grand-ducal wäert gekläert ginn.

Dat ass net d'Kompetenz gewiescht vun der Chamber. Mir wëssen awer, dass do villes wäert drastoe kommen, dat wirklech déi Leit ganz staark interesséiert, an och à juste titre. Duerfir ass fir eis och déi Motioun, déi mer matgedroen hunn, ganz wichtig, a mir wäerten och als Parlament dann an engem Joer eis nach eng Kéier mat dëser Matière beschäftegen a kucken, wat fir en éischte Bilan ka gezu ginn, fir eventuell als Chamber och nach eng Kéier aktiv ze ginn, wann et misst sinn.

Duerfir vill Bedeutung haut op d'Motioun an och op de Bilan, dee mer wäerten zeien. Dat gesot, brénge mer d'Zoustëmmung zu deem Projet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. An elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*. - Merci, Här President. Erlaabt mer och fir d'Alleréischte Ärem Rapporteur, dem Gilles Roth, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, well en effektiv et fäerdeg bruecht huet, eng ganz komplex Matière verständlech duerzeleeën. Et ass e Gesetz, wou een natierlech gär seet: „Et ass eng technesch Matière“, an da geet een driwwer ewech, an da geet och dobaussen an der Öffentlechkeet een driwwer ewech.

Et ass awer eng extrem wichtig Matière, och fir d'Kreditabilitéit vu Lëtzebuerg, net nëmmen, mä och als Finanzplaz. An duerfir ass et scho wichtig, dass mer hei versicht hunn en Text ze maachen, deen dobausse garantéiert, dass mer seriö sinn,

wat jo heiansdo a Fro gestallt gëtt. Ëmsou méi wichtig ass et, dass mer elo kucken déi Direktiv, wou mer iwwerfällég waren, ëmzesetzen. De Projet de loi ass awer vu mengem Virgänger schonn am Abrëll 2008 deponéiert ginn, just fir dat ze soen.

Et ass och fir mech als Justizminister eng Erfahrung, mengen ech, déi ech nach ni hat, obwuel ech schonn zéng Joer Minister sinn. Ech war elo e puer Méint en charge vun deem Projet de loi, dee scho praktesch fäerdeg war, vum Statsrot aviséiert, mat deem Resultat, dass ech elo, soubal en hei vun lech gestëmmt ass, iwwerhaupt näischt méi mat deem Projet de loi da wäert ze dinn hunn, an och mam Gesetz a mat de Règlements d'exécution.

Et ass e Projet, dee mäi Virgänger als Justizminister deponéiert huet, a wann et eriwwer ass, da kritt mäi Virgänger en erëm, awer net méi als Justizminister, mä als Finanzminister dierf hien en dann exekutéieren. Duerfir sinn ech och frou, dass en de Mëtteg bei eis ass.

Et ass och esou, dass mer eng ganz Partie vun deene Reglementer, vun deene mer geschwat hunn, amgaang sinn och esou séier wéi méiglech fäerdeg ze maachen, notamment den Taxereglement, wou d'CSSF do och zum Beispill mam IRE driwwer diskutéiert huet.

Ech sinn och ganz frou, dass d'Membere vun der Chamberskommissioun hei der Meinung waren, et sollt een net elo all Fro, déi sech kënn stellen, versichen duerch nei Amendementer ze léisen, mä eis den Auftrag ginn hunn, fir ze kucken do hannendrun ze bleiwen als Regierung. Duerfir, ech schwätzen och am Numm vum Finanzminister, dee jo d'Gesetz elo ëremkritt, kënnen mer als Regierung déi dote Motioun absolut unhuelen.

Et kommen natierlech eng ganz Partie Neierungen, och am Zesummeliwwen am Land vun deenen eenzelnen Institutionen. D'CSSF, dat ass scho gesot ginn, hätt ee kënnen duerch eng aner Autoritéit ersetzen. Mir huten dat och am Virfeld diskutéiert, an Dir hutt et och diskutéiert. De Problem vun engem kleng Land wéi Lëtzebuerg ass, fir dauernd nei Autorités indépendantes opzerichten, déi sech ëmmer erëm müssen nei mat där Fro auserneeetzen: Wéi agéiers de als Autorité indépendante? Dat ass ganz, ganz schwierig. D'Philosophie ass eng, déi kënn aus dem angelsächsesche Raum, mir hunn net déi Tradition vun Autorités indépendantes. Duerfir ass et scho gutt, dass mer elo dat net multiplizéieren am Land. Mir hunn der schonn eng ganz Partie, mä et ass d'CSSF. Et gëtt mat allen eventuelle Schwierigkeeten, déi do kënnen kommen oder net.

Den IRE, dee seng 20 Joer gefeiert huet, dee wäert och weiterbestoen. Den IRE wäert och elo aner Missionne kréien. Dee muss och mat der CSSF zesummeschaffen. Ech mengen et ass och wichtig, dass deen IRE awer weiterbesteeft fir zwou Zorte vu Révisseuren, souwuel déi eng, déi normal Révisseuren, wéi déi Agréés, well et och wichtig ass, dass déi Professionen sech selwer Qualitätsstandarde setzt an no vir kënn.

An deem Sënn ass et esou, dass de Justizminister awer nach eppes Klenges domat ze dinn huet, obwuel net méi mat der Profession, mä mat de Professionellen - well alles, wat d'Normes comptables ublaangt, wou mer elo endlech och e Plan comptable uniforme zu Lëtzebuerg hunn, ass et de Justizminister, dee weider an deene Gesetzgebunge maassgebend bleift -, an dass en och do mat deenen eenzelnen Entitéite wäert zesummeschaffen. An deem Sënn sinn ech frou hei ze spieren, dass dëse Projet eng Unanimitéit fënn. Ech mengen et ass eng gutt Saach fir Lëtzebuerg.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Justizminister Merci, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5872.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5872 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme an 1 Enthaltung

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5872 est adopté par 59 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Vote sur la motion 1

An dann hu mer hei nach iwwer eng Motioun ofgestëmmt, déi vum honorabelen Här Roth erabruucht ginn ass. Vu datt all Fraktiounen déi Motioun matdroen, ginn ech dovun aus, datt mer déi kënnen à main levée ofstëmme.

Duerfir géif ech froen: Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da wier déi Motioun mat enger Enthaltung ugeholl.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6064 iwwert de Bac international. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an hei hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Schaaf, Bauler, Braz a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich, Dir hutt d'Wuert.

4. 6064 - Projet de loi portant modification de la loi du 21 juillet 2006 autorisant le Gouvernement à organiser des classes internationales préparant au diplôme du Baccalauréat international

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), *rapporteur*. - Merci, Här President. Madame Minister, Dir Häre Ministeren, Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet 6064, deen eis hei virläit, ass den 2. September 2009 vun der Madame Minister vun der Éducation nationale déposiert an den 3. Dezember an der Kommissioun presentéiert ginn, nodeem de Statsrot de 24. November en Avis favorable ofginn hat. D'Gesetz besteet aus engem eenzegen Artikel, duerch deen den drëtten Alinea vum Artikel 3 vum Gesetz vum 21. Juli 2006 iwwert de Bac international ofgeännert gëtt.

D'Kommissioun vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle hat deemools an hirem Rapport drop higewi-